



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Staatsminister a Bausseminister weiderzeleeden.


Beim éischten Tour vun de franséische Presidentschaftswale ginn all d'Fransousen op der Welt opgeruff, hiren neie Staatschef ze wälen. Zu Lëtzebuerg wunne ronn 48.500 Fransousen, vun deenen der 13.368 hir Stëmm fir d'Wiel vum Chef vun hirem Land an de Foireshalen ofginn hunn.

Bei de leschte Chamberwale 2018 waren och all d'Lëtzebuurger op der ganzer Welt opgeruff, hiert Parlament ze wälen. Vun deene ronn 100.000 Auslandslëtzebuurger haten der awer nëmmen 1.529 ee Walziedel ugefrot. Dat geet aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N° 3658 vum 7.2.2021 ervir. Wéi vill der tatsächlech wälen waren, ass net bekannt.

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un d'Häre Minister:

- 1) Wéi erkläert sech d'Regierung, dass d'Walbedeelegung vun den Auslandslëtzebuurger fir d'Chamberwale esou extreem niddreg ass, dëst och am Verglach mat der däitlech besserer Situatioun bei de franséische Presidentschaftswale?
- 2) Allgemeng gëtt esou eng niddreg Walbedeelegung vun ënner 5% als Echech ugesinn. Gesäit d'Regierung dat och esou?
- 3) Bei de Chamberwale 2018 ware vun den deemolege ronn 320.000 Lëtzebuurger Awunner 259.887 walberechtigt, a vun deenen hunn der 233.014 (89,7%) och tatsächlech gewielt. Vun deene ronn 100.000 Auslandslëtzebuurger hunn der 1.529 ee Walziedel gefrot, esou dass ee kann dervun ausgoen, dass, wann een déi zirka 20% Mannerjäreg ofrechent, zirka 2% vun de walberechtigten Auslandslëtzebuurger vun hirem Walrecht Gebrauch gemaach hunn. Am Ganze läit d'Walbedeelegung bei de Chamberwale deemno bei zirka 69% an d'Abstentioun bei 31%. Kann d'Regierung dës Schätzunge confirméieren, respektiv korrigéieren?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup,
Deputéierten